

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, zur Diskussioun vum Projet de loi 5320 iwwert de Bau vum Altersheim op der Rumm. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Bettel, Angel, Adam an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, dat heescht d'Rapportrice, déi honorabel Madame Nancy Arendt. Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

2. 5320 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction et à la transformation du centre intégré pour personnes âgées au Centre du Rham à Luxembourg-Ville

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

Mme Nancy Arendt (CSV), *rapportrice*. - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet, bei deem et sech ëm d'Transformatioun an d'Extensioun vum Centre intégré vun der Rumm handelt, befënnt sech op engem Site, wou d'Spüre sech bis an déi galloréimesch Zäit zrëckverfolge loosson. Schonn deemools hu vill Leit zu deene verschiddensten Zäiten an der Geschicht vun dëser héich geleeëner Plaz profitéiert an déi berühmte Mauer Wenceslas, déi um Enn vum 14. Jorhonnert um Site vun der Rumm säin Ursprong hat, ass vum Vauban um Enn vum 17. Jorhonnert als Schutz gebraucht ginn. Doropshin sinn d'Mauern duerch de sou genannte Vabaunsravelin nach verstärkt ginn.

De Site an déi verschidde Gemaier hunn esou e bedeitende geschichtleche Wäert, datt se bei dëser Transformatioun net sollen an och net därfe vergiess ginn. An dësem Projet gëtt versicht, déi verschidden histoiresch Elementer ze erhalen, well de Projet gesäit effektiv vir, fir d'Direktioun vu Servior zum Beispill, déi sech ëm d'Maintenance vun de Gebaier wäert bekëmmern, am Ravelin ënnerzebréngen. Dat erkläert och, wéi d'Ministesch et virdru schonn uge- deit huet, firwat d'Realisatiouns- käschte relativ héich leien an ech wäert spéider nach eng Kéier hei op dëse spezifesch Punkt zrëck- kommen.

D'Propositoun vum provisoiresche Plang vum Ensembl vum der Konstruktioun ass vun der Unesco approvviéiert ginn a Lëtzeburgerger Autoritéite wéi zum Beispill de Familljeministère kontrolléiere regel- méisseg esouwuel d'Concepcioun wéi och de Fortgang vun den Aar- bechten um Chantier. Iwwert den histoiresche Wäert eraus erfëllt d'Rumm säit dem Enn vum 19. Jor- honnert eng sozial Roll. Weesekan- ner, Invaliden oder krank Leit sinn op der Rumm, fir méi genau ze sinn am Hospice civil opgeholl ginn. Ufanks vun den 80er Jore sinn d'Kanner vun den Erwuessene ge- trennt ginn a vun deem Dag an huet de Centre du Rham als Alters- heim fonctionnéiert. Säit dem 1. Ja- nuar 1999 ass d'Rumm vum Éta- blissement public «Centres, Foyers et Services pour personnes âgées» ugeholl ginn.

Här President, léif Kollegeen a Kol- leeginnen, de virleiende Gesetzes- projekt, deen de Stat autoriséiert den Opbau an d'Transformatioun vum Altersheim vun der Rumm matzefinanzéieren, ass e weidere Projet, dee sech am Kader vum na- tionale Programm fir eeler Leit inte- griéiert a weist, datt d'Liewensqua- litéit vun eisen eelere Matbierger weiderhin eng wichteg Prioritéit vun eiser Regierung war an och bleift.

De virleiende Gesetzesprojekt weist och, datt eis Regierung sech den Erausfuerderunge vun der Zäit

stellt. Déi demographesch Entwécklung huet eis Zäit geprägt a wäert och d'Politik a ville Be- räicher weiderhi beaflossen. D'Lie- wenserwaardung vun de Leit ass glécklecherweis duerch de mede- zineschen an hygiesche Fort- schrëtt staark an d'Luucht gaan- gen. D'Zuel vun deenen iwwer 65- Jähregen hält bis elo op alle Fall emol stänneg zou an dës Tendenz wäert sech am Laf vun de Joren hoffentlech och fortsetzen. Et ass virun allem d'Kategorie vun deenen iwwer 80-Jähregen, déi déi héchs- te Steigerung wäert verzechnen. An d'Schätzung ginn dovunner aus, datt no 50 Joer dës Kategorie e Fënneftel vun den eelere Leit ausmaachen.

Wann hautdësdays 70% vun de- nen iwwer 80-Jähregen autonom liewe kënnen, da bleiwen awer nach 30%, déi op eng Hëllef uge- wise sinn. Wann dës Leit am Prin- zip op hir Familljen ziele kënnen, kënn et awer dach ëmmer méi dacks vir, datt se op en Altersheim oder e Centre mussen zrëckgrä- fen, fir adequat ënnerbruecht ze ginn. D'Grënn si ganz verschidden. Vill eeler Leit ginn hautdësdays vu Familljemembere betreit, déi sel- wer al sinn a fir déi et iergendwann ze schwéier gëtt fir sech komplett eleng ëm eng eeler Persoun all- deeglech ze këmmern. Déi fami- liär Strukturen hu sech och geän- nert. Et gëtt ëmmer méi Famillje wou déi zwee Partner schaffen an et ass dann och net einfach de Be- ruff an déi familiär Verflchtungen ënner een Hutt ze bréngen.

Och d'Servicer wéi «Hëllef do- heem» kënnen eng Ennerstëtzung sinn. Mä och dës Servicer stous- sen eng Kéier op d'Limiten. Et ass virun allem net einfach, esouguer wann een d'Méiglecheit hätt, fir Leit, déi op Hëllef ugewise sinn, wéi zum Beispill eeler dement Leit, adequat doheem ze versuergen. Dës Leit mussen 24 Stonnen op 24 Stonne professionell encadréiert ginn. Et ass also net weider ver- wonnerlech, datt d'Nofro vun esou Opfaangstrukture fir eeler Leit an deenen nächste Joren nach weider wäert zouhuelen.

Zur Informatioun, den Établisse- ment public «Centres, Foyers et Services pour personnes âgées», deen eng Dosé vu CIPAen a véier Maisons de soins géréiert, huet Méi fir der grousser Nofro vun Op- fangstrukture fir eeler Leit kënn gerecht ze ginn. 3.000 Demandé louchen den 1. Januar vun dësem Joer vir, dovunner 1.300, déi drén- gend, an 300, déi immens drén- gend waren. De virleiende Projet entsprécht enger moderner Politik vum drëtten Alter, déi versicht op déi spezifesch Besoiné vun de ver- schiddene Kategorië vu Pensionä- ren anzegoen.

De Centre ass souwuel fir valid wéi och fir manner valid Leit bestëmmt an den Émbau an d'Transforma- tioun vun de Gebailechkeeten entsprécht de modernsten Normen an dësem Domän. Wa fréier dee klinschen Aspekt bäi Wäitem dee wichtigste war, esou gëtt awer haut ëmmer méi Wäert op d'Form an d'Qualitéit vum Logement a vum Encadrement geluecht. D'Leit sol- len esou wäit wéi méiglech en au- tonoomt Liewen am Centre intégré féiere kënnen.

Ee vun deene wichtigste Punkte bei dësem Projet ass deen, datt d'Leit, déi op d'Rumm kommen, d'Méiglecheit kréien an dëser Struktur ze bleiwen, och wa sech hire gesondheetlechen Zoustand géif änneren. Esou vermeit een oft en onangenehmen Transfert an eng aner Institutioun; en Transfert, dee bei eelere Leit oft als Trauma emfonnt gëtt. De Projet gesäit och d'Schafung vun engem sou ge- nannten „Espace senior“ vir, dee sech aus verschidde spezialisé- erte Pavillonen zesummesetzt.

Nieft dem classeschen Altersheim gesäit de Projet d'Schafung vun Appartementer vir, déi sech u rela- tiv autonom eeler Leit riichten, déi zwar theoretesch kéinten eleng lie-

wen, mä déi sech awer an enger encadréierter Struktur méi wuel fillen. Si wëssen, datt, wa sech e Problem sollt stellen, professionell Leit zu hirer Verfügung stinn.

Et ass och virgesinn, zwou sozio- gerontologesch Liewensgruppen ze forméiere fir ofhängeg eeler Leit, déi mussen 24 Stonnen op 24 gehollef kréien oder ënnerstëtzt ginn. Eeler Leit, déi wëllen a kënn weider doheem bleiwen, awer trotzdeem gäre vun deene ver- schiddene Prestatiounen a Servi- cer vum Centre profitéieren, kë- nen dat iwwert d'Porte ouverte vum Centre maachen.

Zousätzlech ass och eng Praxis fir Kinésithérapie an Ergotherapie vir- gesinn, déi virun allem zum Erhale vu kierperlechen a geeschtege Fäegkeete bäidroen soll. Eng Aktivi- téitszon soll et de Pensionären er- méiglechen, en agréabelen Opent- halt ze hunn. Alles no beieneen, mat engem klenge Café, Coiffer, Pédicure, Florist, an et ass och e klengen Animatiounssall virgesinn, wann emol kleng intern Festivitéite stattfannen.

Zum Schluss ass nach ervirzehie- wen, datt d'Rumm och wäert iwwer en „Hospice de fin de vie“ verfü- gen, wou eng spezialiséiert Equipe stierwenskrank Leit op hirem leschte Liewensabschnitt begleet kann. Den Akzent gëtt hei op d'Ze- summenaarbecht mat der Famill geluecht, fir déi och d'Méigle- cheit besteet am Centre ze iwwer- nuechten, wa se dat wëllen.

De Projet gesäit um Niveau vum Centre intégré d'Schafung vu ronn 70 Better vir, déi bei déi bestehend 34 Better derbäikommen. Den „Hospice de fin de vie“ wäert kë- nen 20 Leit ophuelen. Et wäerten, wéi ech dat schonns virdru uge- deit hunn, 26 encadréiert Apparte- menter am Kader vum Centre du Rham geschafe ginn, déi ronn 40 Better ausmaachen. Um Niveau vun deenen zwou soziogerontolo- geschen Unitéite si jeeeweils 16 Better virgesinn, esou datt d'Capa- citéit vum Centre am Ganzen op ronn 142 Better wäert eropgoen. Eréischt nom Ofschloss vun den Aarbechte steet awer déi ganz ge- nau Zuel vun den neie Better fest.

Wat d'Finanzéierung vum Bau an dem Émbau vum Altersheim a Fleegeheim vun der Rumm ugeet, esou ass ervirzehiewen, datt de Stat bal 100% vun de Käschte wäert droen. De Stat wäert och en Deel vun de Käschten iwwerhue- len, déi fir de Bau vum Direktiouns- gebai gebraucht ginn. Déi staat- lech Participatioun wäert sech nom leschte bekanntenen „indice se- mestriel des prix à la construction“ vum 1. Oktober 2004 op ronn 43,4 Milliounen Euro belafen. Zur Infor- matioun: D'Käschte fir de ganze Projet sinn op de Gesamtmontant vu ronn 50,3 Milliounen Euro ge- schat.

Dat sinn natierlech ganz héich Montanten, déi sech virun allem doduerch erkläre loosson, datt et haut einfach méi deier ass eppes ze renovéieren - et gëtt ronderëm e Plus vun 30% geschat - wéi wann een eppes komplett Neies géif bauen, speziell wann een och nach derbäi op den histoiresche Kader soll Rücksicht huelen. Ervirzehie- wen ass vläicht nach, datt déi staatlech Participatioun sech natierlech op d'Käschten, déi mam Opbau a mat der Renovatioun vum Centre verbonne sinn, beschränkt. Personalkäschte souwéi d'Fon- tionnementskäschte gi vum Ges- tionnaire iwwerholl.

De Statsrot hat dës Fro jo och a sengem éischten Avis opgeworf, wou d'Auteurs vum virleiende Pro- jet direkt reagéiert hunn an dëse Punkt no enger kuerzer, awer pre- ziser Stellungnahm zur Befridde- gung vum Statsrot gekläert hunn. Servior iwwerhëlt och en Deel vun

de Käschte vum Bau vum Direk- tiounsgebai, déi sech op 0,9 Mil- liounen Euro belafen, a ronn 16 Better, déi den Affer vum Zweete Weltkrich prioritär zur Verfügung solle stoen, wäerten iwwert d'Fon- ge vun der Fondatioun „Aide et as- sistance aux personnes âgées“ fi- nanzéiert ginn, déi et haut net méi gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen ech konnt lech déi grouss Linne vun dësem Projet méi no bréngen. Weider Detailer fannt Der a mengem schrëftleche Rapport an am Text vum Projet sel- wer. Ech géif mech natierlech freeë wann dëse Projet eestëmmeg kéint ugeholl ginn, e Projet, dee selbst- verständlech den Accord vun eiser Fraktioun bréngt.

Ech soen lech Merci fir d'No- lauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Ma- dame Arendt. Als éischte Riedner ass den Här Xavier Bettel age- droen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Nach eng Kéier, d'selwecht wéi virdru, well ech hei der Rap- portrice Merci soe fir de schrëft- lechen an de mündleche Rapport, wou se ganz prezis an den Detail gaangen ass. Erlaabt mer just dës Kéier, eier ech Luef fir de Projet er- virhiewen, awer ee méi negative Punkt. Et ass eng Kritik, déi awer net vu mir kënnt, mä déi vum Stats- rot kënnt.

An eng Kéier eng generell Kritik, déi och net mam Projet ze dinn huet, mä well et eben haut zwee Projekte si wou mer fir eis eeler Mat- bierger eis jo ganz staark inves- téieren, wou ech och soen, dass et selbstverständlech ganz wichteg ass, a wou mer muer nach e Projet hunn, dass, wéi ech mat verschi- dene Leit driwwer diskutéiert hunn, verschidde Leit mer gesot hunn: Jo, Xavier, mir maache ganz vill fir déi eeler Leit, mä fir jonk Leit op der Strooss feelt et nach ëmmer u Plazen.

An et ass d'FADEP, déi am Moment zwou Strukturen huet, d'Meeder- chershaus oder de St-Joseph Bou- levard Patton, mä et heescht dass et do net duergeet, dass tëschent 17 an 18 Plazen do sinn am Gan- zen, déi mer hu fir Mesures d'ur- gence, dass nach ëmmer jonk Leit mussen op Schraasseg goen am Moment oder op Dräibuer, well keng Plazen do sinn. Dat heescht, Madame Ministesch, sorry, dass ech dës Geleeënheet huelen, mä e viven Appel: Selbstverständlech ass et wichteg, dass mer fir eis El- teren, Grousselteren an eis eeler Leit Suen investéieren. Mä e waar- men Appel un lech - an ech weess, dass Der en oppent Quer dofir hutt -, och fir déi jonk Leit fir Urgence- Fäll Saachen ze plangen.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Inté- gration*. - Här Bettel, ech si ganz gäre bereet an ech maache vill Dé- marchen. Ech wier ganz frou wann Dir mer géingt hëllef Gemenge si- chen, déi gradsou frou wiere fir esou Haiser opzehuelen, wéi se frou si fir Maisons de soins a Cent- re-intégrées opzehuelen. Also ech sinn nëmmen Demandeur, Dir laaft bei mir offen Dieren an. Mä bréngt mir déi Gemengen, déi bereet sinn dat ze maachen.

M. Xavier Bettel (DP).- D'Madame Mutsch seet scho si wier ganz bereet. Neen? Mä op jid- de Fall, Madame Ministesch...

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Inté- gration*. - Et ass net u mir wou et scheitert, Här Bettel!

(Interruptions diverses)

M. Xavier Bettel (DP).- Ma- dame Ministesch, fir mech ass et

esou, et kann een net nëmme kucke wat ekonomesch Sue bréngt. Et ass eng Obligatioun, mir sinn hei Politiker fir d'ganzt Land an net nëmme fir eng Generatioun oder fir d'Finanzen. Et muss een och kucken, dass eng ganz Rëtsch vu jonke Leit op der Strooss sinn oder op jidde Fall weinst drama- tesche Situatiounen mussen placéiert ginn. E Kand wat doheem verge- waltegt gëtt oder esou. Mir schwät- zen elo net nëmmen hei vun Délin- quanten, mä vu jonke Leit déi do- heem vergewaltigt ginn oder ge- schloe ginn, wou dann de Riichter se muss placéieren, a wa keng Pla- ze sinn an deenen zwee Foyeren, da muss se op Schraasseg oder op Dräibuer goen, wat awer wierk- lech net déi Plaz ass wou een d'Kanner soll placéieren. Dat war dann eng méi generell Informatioun, Madame Ministesch.

Déi zweet ass eng Kritik, déi vum Statsrot kënnt. Dat ass déi, dass d'Konventioun jo am Juni 2001 ën- nerschriwwen ginn ass an dass de Projet eréischt den 31. Mäerz 2004 déposéiert ginn ass, dat heescht bal dräi Joer duerno, an dass de Conseil d'État dat als Délai net ganz rasonnabel fënnt. Madame Ministesch!

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Inté- gration*. - Här President, et deet mer Leed, dass ech elo den Här Bettel hei muss ënnerbrieche. Ech géing just eng Kéier wëlle soen, well de Conseil d'État dat elo ëm- mer erëm beanstant, mat Ausnahm vun dem Projet vun Ierpeldeng, deen äusserst séier gaangen ass. Den Här Bettel hat do ewell ge- mengt et hätt och do laang ge- dauert. Ech mengen an engem Joer war dat alles iwwert d'Bühn.

Et dauert laang an och deen hei Projet huet laang gedauert, well da mussen déi komplett Pläng vun den Architekten virleien. Wann ee weess wéi komplizéiert dass dee Site op der Rumm ass, dann ass et evident dass dat doten net konnt an esou enger kuerzer Zäit ge- maach ginn. Selwer hätt ech och léiwer wann et méi séier kënnt goe wéi wann dat all Kéiers esou laang dauert. Mä et muss een awer gesi wat fir eng Aarbecht domadder verbonnen ass. Wann et duergeet, dass mir heihinner kommen no- deems dass d'Konventioun ënner- schriwwen ass a mir loosson e sommairé Projet hei stëmmen, dann hunn ech domadder kee Pro- blem. Dann dauert et vill manner laang. Et dauert dofir awer nach gradsou laang bis et gebaut ass, well da muss se duerno gemaach ginn. Ech wollt dat just als Explika- tioun soen, well dat ëmmer eng Re- marque ass, déi vum Conseil d'État kënnt.

M. Xavier Bettel (DP).- Selbstverständlech, mä et ass just well och nach d'Kommissioun - an Dir wësst jo, Madame Presidentin, dass d'DP net méi an der Majoritéit elo an der Regierung matwierkt...

(Brouhaha général)

... -, op jidde Fall dass d'Majoritéit dat fonnt huet.

Op jidde Fall wëll ech awer soen, dass dës Majoritéit, dat heescht d'CSV-LSAP-Majoritéit awer an hirem Rapport zrëckbehalen huet, dass se déi Meinung vum Statsrot géif deelen, dass et ze laang ge- wiescht wär. Dowéinst erlaabt mer, Madame, et ass net a mengem Numm, mä als Majoritéit, ech weess net ob ee vun der CSV oder vun der LSAP dat gesot hätt, d'Rapportrice huet et och net ge- sot. Et steet am Rapport. Dofir er- laabt mer, Madame Ministesch, dass ech dat just zitéiere wat dës Majoritéit op jidde Fall wollt, mat eis, well mir hunn de Rapport jo awer och gestëmmt.

Also d'Avantagë vun deem Projet: Éischstens ass et e ganz flotte Pro- jet an d'Palette...

(Interruption)

...vun deem Projet ass ganz interessant, wann ee kuckt dass et geet vu Leit, déi e puer Stonnen dohinner verbrénge kommen, déi aner Leit, déi do wunnen, bis en „Hospice de fin de vie“.

Eppes wou ee muss drop pochen, ass, dass déi eeler Leit - wat se méi al ginn, wat normalerweis hir Gesondheet och net besser gëtt - op jidde Fall d'Méiglechkeet dann hunn, net mussen dann an aner Centres ze goen oder op eng aner Plaz fir soignéiert ze ginn, mä au contraire dass se d'Méiglechkeet hunn, an darselwechter Émgeigend mat deene Leit, déi se kennen, op jiddfer Fall op darselwechter Plaz kënnen soignéiert ze ginn.

Et ass ekologesch gebaut ginn, hei muss een et och eng kéier soen. D'Madame Ministesch pocht ëmmer drop, dass ekologesch gebaut gëtt, dat heescht dass Materialer benotzt ginn, déi ekologesch sinn. Et ass ekologesch, awer net ganz ekonomesch gebaut ginn, mä duerfir kann d'Ministesch och net; dat ass ebe weinst deene Contrainten, déi mir haten, dass mir do net konnten alles ewechrappen. Ech si jo een, dee ganz oft mengt, et kéint een; et beweist jo och, dass ee soll ewechrappen, well et da méi bëleg gëtt. Mä et muss een awer soen, dass et op der Rumm e Crime gewiescht wär, wann een do alles raséiert hätt. D'Rumm ass op jiddfer Fall eng Plaz wou muss preservéiert ginn an op jiddfer Fall muss dës Plaz verbessert ginn.

Ech hunn et virdru gesot, mir fannen, dass fir eis eeler Matbierger investéiert soll ginn; selbstverständlech nach eng kéier mat där Bemierkung, dass et och nach aner Kategorie vu Leit gëtt, déi, sou wéi ech et a menger Introduktion gesot hunn, mir och net solle vergiessen, an, wéi gesot, ech bréngen hei och den Accord vun der Demokratescher Partei.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Bettel. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

Merci.

■ **M. Marc Angel (LSAP).** - Här President, Madame Rapportrice, Dir Dammen an Dir Hären, als Starter freet et mech natierlech wann dës Stad 33,8 Milliounen Euro investéiert hei op eise Territoire fir d'Rumm ze renovéieren, fir se ze moderniséieren a fir do e Centre intégré fir eeler Leit opzemaachen.

D'Madame Rapportrice ass an hirer Interventiuon jo agaang op d'Altersstruktur, d'Alterspyramid, déi mir jo kennen hei zu Lëtzebuerg, an ech mengen, déi ass hei an der Stad net aneschtens. Dofir wéi gesot ass et wichteg, dass de Stat niewent der Gemeng hei Institutionen opriicht fir déi eeler Leit ze versueren.

Erlaabt mir dofir e puer Punkten erauszehiewen, déi mir besonnesch wichteg erschéngen. Se sinn deelweis och schonn eng kéier hei gesot ginn. Ech mengen, wat wichteg ass, dat ass dass dee Projet Rumm hei e Gesamtkonzept ass, e baulecht Gesamtkonzept. Dir wësst vläicht, dass virun e puer Joer een Trakt eng kéier renovéiert ginn ass, dat ass d'Gebai Feierwon. Elo hätt ee kéinte fäerten, dass all Joer en anert Gebai renovéiert gëtt. Dat wär e Problem mengen ech gewiescht, well da wär permanent e Chantier op der Rumm gewiescht. Et wär och architektonesch vläicht Problemer ginn. Dofir ass et gutt, dass elo de ganze Rescht an engem globale Konzept ëmgebaut a moderniséiert gëtt an dass dann dee sou genannten Espace Senior do kreéiert gëtt, wou, wéi virdru gesot ginn ass, e klassesche CIPA dran ass, Appartementen, also Altenwohnungen, eng Tagesstätt, Praxissen, Pédicure, Coiffeur, Florist a sou weider.

Wat mir ganz wichteg schéngt, ass och dat Konzept vun deem Office de fin de vie, wou palliativ Soigné kënnen gemaach ginn un de Patienten. Et ass ebe wichteg, dass een, deen an d'Rumm kënnt, wann e vläicht nach relativ valid ass, wa säin Zoustand sech verschlechtert, net muss transferéiert ginn, well en Transfert vun Institutionen - d'Rapportrice huet et och gesot - bedeit ëmmer en Trauma.

Wat mir och ganz gutt un deem Projet gefällt, ass, dass de Site vun der Rumm weiderhin en oppene Site bleift, net nëmme fir déi Leit, déi am CIPA wunnen, oder fir déi, déi hir eeler Matbierger besiche kommen, mä dass et e Site bleift deen op aus fir aner Leit, fir Touristen. Dir wësst, de Circuit Wenzel geet duerch dee Site, dee Circuit Wenzel gëtt och deelweis revaloriséiert, well duerch déi Travaillen och Dealer vun der Wenzelsmauer vun 1390 ausgegruween a revaloriséiert ginn. Ech mengen, dat ass eng positiv Saach.

Et ass och wichteg, dass d'Unesco deem Projet den Aval ginn huet, well mir leien hei mëtten am Unesco-Secteur, am Secteur protégé - och wat d'Stater Bautereglementer ubelaangt. Och vun der Commission des bâtisses vun der Gemeng Lëtzebuerg ass den Accord ginn, an ech mengen, dat ass och wichteg.

Wann een d'Dokumenter kuckt, geet och doraus eraus dass drop gepocht ginn ass, dass de Charme vun deem Site Rumm erhalte gëtt, an do gi se ganz an d'Detailer, wou souguer gesot gëtt, dass d'Beem - Wann Dir de Site kennt: Wësst Der, déi schéi Bamallée mëtten an deem Site! - sollen extra geschützt ginn. Ech mengen, dat ass vu grousser Wichtigkeet.

De Site ass grouss genuch, fir dass ee vläicht spéiderhi ka kucken, wat een nach do ka maachen. Zum Beispill ass am Kader vun Ierpeldeng vun enger Crèche geschwat ginn: Firwat net hei eng Crèche, firwat net hei eng Internetstuf? Ech mengen, eng Internetstuf, wou déi eeler Leit kéitne mat deene ville Jugendlechen, déi an deene Quartiere ronderëm Gronn, Clausen an Cents wunnen, zesummeschaffen.

An eng lescht Saach, do wollt ech fannen et flott, dass dee Site Rumm, wat jo e militäresche Site war, lo scho säit iwwer honnert Joer fir sozial Zwecker gebraucht gëtt, an duerch dat heiten Investissement garantéiere mir och, dass an deenen nächste Jorzéngten do sozial Aktivitéit geschéien, an ech mengen d'LSAP-Fraktioun wäert dës Projet och ënnerstëtzen.

Zum Schluss wollt ech soen, ech fannen et flott, dass dee Site Rumm, wat jo e militäresche Site war, lo scho säit iwwer honnert Joer fir sozial Zwecker gebraucht gëtt, an duerch dat heiten Investissement garantéiere mir och, dass an deenen nächste Jorzéngten do sozial Aktivitéit geschéien, an ech mengen d'LSAP-Fraktioun wäert dës Projet och ënnerstëtzen.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Angel. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems schonn eng ganz Rei Riedner hei op deser Plaz de Projet sou positiv belicht hunn, wëll ech mech dann och am Numm vun der grénger Fraktioun där Duerstellung uschlëssen, besonnesch och dem Fait, dass den historesche Site op bleift an erhalte bleift souwuel fir d'Stater Leit wéi fir d'Touristen.

Erlaabt mir awer och, dass ech e puer méi kritesch Wieder un lech riichten. Mir wëssen alleguer, dass ee mat Zuele bal alles ka bewei-

sen. Wa mir also wëllen, dass een eis Zuelen a Statistike seriö hëlt, da musse mir eis hei un e puer Spillregeln halen. A mir sinn der Meinung, dass beim Exposé des motifs vun deem Projet de loi dat net ëmmer de Fall ass. An enger Tabell gëtt wuel opgewisen, dass d'Zuel vun de Leit, déi ënner enger Démence sénile leiden, mam Alter zouhëlt. Eng Année de référence feelt awer. Et gëtt och opgeléscht, dass 35% vun alle Stéit Eepersonestéit, also Foyer d'une seule personne, sinn - wéini a wou dat rausfonnt ginn ass, gëtt net verroden.

Am Projet de loi gëtt vun 13% vun eiser Populatioun geschwat, déi méi al wéi 65 Joer sinn, an 3%, déi méi al wéi 80 Joer sinn, mä dës Zuele sinn awer vun 1989; hei hätt ee kéinte méi aktuell Zuelen huelen. Och wann dës Zuelen net direkt eppes mam CIPA op der Rumm ze dinn hunn, si mir an der grénger Fraktioun der Meinung, dass mir hei an der Chamber solle virsiichteg sinn, wa mir Zuele gebrauchen.

De Bau an d'Transformation kaschten iwwer 50 Milliounen Euro; de Stat participéiert mat iwwer 43 Milliounen Euro. Mir stelle fest, dass dës Projet immens deier ass. Deen héije Präis léisst sech, an dat ass och schonn hei gemaach ginn, engersäits doduerch erklären, dass mir op engem historesche Site sinn. Renovéieren ënert dës Konditiounen gëtt ëmmer méi deier ewéi nei bauen. Et huet awer och domat ze dinn, dass een e CIPA hei baut - dat ass net iergendee Verwaltungsgebaai, mä dat ass e Gebai, wat eng ganz Rei spezifesch Uspréch stellt, déi de Fonctionnement fir déi Leit, déi do dra schaffen an dodraner wunnen, esou agréabel ewéi méiglech maache soll.

49 Parkplazen, déi an de Fiels gewullt ginn, kaschte richteg Suen. Véier Lifter an 13 Monte-lits kaschten net nëmme bei der Installatioun; mir kréien och nach ee Contrat d'entretien a schloen all Joer mat vill Onkäschten zu Buch.

Mir begrëissen, dass am Projet de loi steet, dass all Awunner vum CIPA - wann nëmme méiglech - a sengem Zëmmer soll bleiwe kënnen, onofhängeg vun enger zäitlecher oder enger definitiver Verschlechterung vu sengem Gesondheitszustand. Duerfir sinn och all Zëmmer mat engem Prééquipement ausgeriicht, fir op ee verännerte Gesondheitszustand kënnen ze reagieren. An deem Gedanke wier et och gutt, wann déi 16 Duebelzëmmer esou ugeluecht wieren, dass all Duebelzëmmer no Bedarf kéint an zwee Eenzelzëmmeren ëmgewandelt ginn.

■ **Une voix.** - Dat ass de Fall!

■ **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Ass dat de Fall? Dat freet mech. Dat war aus dem Rapport net esou daitlech rausgaangen, an och op meng Nofro hat ech dat dann net richteg verstan. Ech soen dann awer, well ech et preparéiert hunn, dass een zu Miersch kéint esou ee Gebai kucke goen. Zu Miersch funktionéiert et nämlech och sou am neien Altersheim.

Et feelt eis awer och e bësselchen un enger Good-will-Erklärung, déi nei Gebaier no enger Niddregenergie- oder Passivbauweis ze bauen an déi al Gebaier no ekologesche Kritären ze renovéieren. An ech zitéieren do aus där Motioun: «...les bâtiments à caractère historique ne peuvent pour des raisons évidentes être isolées thermiquement selon les critères actuels.»

Och wann en historescht Gebai eng ganz Rei Contrainté liwwert, sou menge mir awer, dass eng Rei Mesurë méiglech an néideg sinn, fir och hei effizient mat der Energie

ëmzegoen. Da ginn ech rëm eng kéier op Miersch, wou d'Gemeng amgaangen ass en historescht Gebai ze renovéieren, an dat no de Kritären vun der Niddregenergiebauweis; et ass e Gebai wou den technesche Service vun der Gemeng soll drakommen.

Mat all deenen Nodeeler, déi sou en historesche Bau mat sech bréngt, féiert awer kee Wee derlaanscht, sou e Bauwierk och ënner héijem Käschenopwand unzegen.

Déi Gréng begrëissen et, dass de Site op der Rumm endlech a mat engem Gesamtkonzept renovéiert a vergréssert gëtt. Wéi am Exposé des motifs steet, waren den 1. Januar 2004 300 Demanden als ganz dréngend an 1.300 als dréngend agestueft, fir an eent vun deene staatlechen Alters- oder Fleegeheimer ënnerdaach ze kommen. Et ass also eng grouss Nofro do an dofir wäert déi gréng Fraktioun, och bei där Kritik, déi mir ubruecht hunn, deem Projet zoustëmmen.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Henckes ageschriwwen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Madame Ministerin, Dir Dammen an Dir Hären, de Site vun der Rumm huet eng ganz grouss historesch Bedeutung, en huet eng touristesch Bedeutung, mä en huet bien entendu och an de leschte Joren eng ganz wichteg sozial Funktioun an deem Sënn gehat, dass en erlaabt huet fir eng etlech eeler Leit - genau 128 Pensionären - ze beherrbiergen.

Dee Projet de loi, deen elo virgueluecht gëtt, ass bluttnoutwendeg, well jiddereen, dee periodesch dohinner geet, a wann et nëmme ass fir den Dag wou d'Kiermes op der Rumm ass, gesäit dass et noutwendeg ass, fir déi Gebailechkeeten ze renovéieren. Dat gesot muss een och feststellen, dass et och bei der Regierung de Fall war, well déi Konventioun scho virun iwwert dräi Joer ënnerzeechent ginn ass an dann näischt geschitt ass.

Ech verstinn net, dass een en Accord mécht fir e Finanzement an dann héieren e d'Madame Ministerin soen, dass dann eréischt d'Architekto beoptraagt gi fir de geneeën Devis ze etabléieren a genee Pläng ze maachen. Ech mengen, dass wann ee scho wëllt eppes ënnerhuelen, dass een dann déi zwou Saache matenaner mécht.

Wat den Devis selwer ugeet, sou muss ee sech awer hei nach eng Fro stellen. Wann d'Madame Rapportrice mir do kéint soen, ob eng Autorisatioun vu Sites et Monuments gefrot an accordéiert ginn ass, well et jo ganz evident ass, dass op deem Site do munnech historesch Baute sinn. A mir hu schonn an der Vergaangenheet gehéiert, dass wann déi Accorden hei méi spët gefrot gi sinn, wou de Bau schonn amgaange war, dat meeschtens zu ganz héijen Dépassementer gefouert huet. Dofir meng Fro, ob déi Autorisatioun gefrot an accordéiert ass, respektiv ob se an nächster Zäit sollt gefrot ginn. Well ech mengen et ass gutt, dass mir net während dem Bau nach eng kéier déi eng oder déi aner Surprise kréien.

(Interruption)

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - ..., dass et e Grupp war an e Jury war, wou ënner anerem Leit vu Sites et Monuments derbäi waren, sou dass een net dovun kann ausgoen, dass se op eemol géingen eng aner Décisioun huelen, wou se mat an der Ausaarbechtung vun deem Projet dobäi waren, besonnesch och well mir eis mussen un d'Virschreften vun der Unesco halen, déi jo déiselwecht Aufgab do vertritt wéi och Sites et Monuments vu Lëtzebuerg.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Voilà, ech wollt just nëmmen...

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Oh ma neen, ech wollt lech et awer nëmme just soen.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech si ganz frou, Madame Ministerin, dass Der mir esou spontan drop äntwert. Ech loosse mech och dofir gären ënnerbriechen, mä woufir ech dat opwerfen, dass ass dass mir gesinn, dass dat awer ganz oft net de Fall ass an dass ee Surprisé kritt.

Dann hu mer de Käschtépunkt vu 50 Milliounen Euro fir déi 128 Better, déi do virgesi sinn. Wann ech dat an de Verglach stelle mat dem Käschtépunkt vum Musée Pei, an notament wat en Tableau am Musée Pei kascht, da gesäit een, dass en Tableau am Musée Pei 5-mol méi deier kascht wéi e Bett an engem Gériatrieheim op der Rumm. Dat ass e bësselchen...

(Interruptions)

■ **Une voix.** - Neen, hie mengt den Emplacement.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Den Emplacement...

■ **M. Henri Grethen (DP).** - Ech mengen, den Här Henckes weess net wat e Van Gogh zum Beispill kascht.

■ **Une voix.** - Voilà.

■ **Une autre voix.** - Do sidd Dir besser dran!

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech schwätzen net vum Van Gogh, ech schwätze just nëmme vum Emplacement fir deen Tableau, wou een deen ophängt.

(Interruptions)

De Krop, wou en drop unhänke kënnt. Do gesäit een, dass awer hei mat engem raisonnablen Devis ka gerecht ginn, quitta dass déi Renovatioun op deem Site do natierlech och net grad esou einfach wäert sinn.

Dat gesot, muss een och begrëissen, dass ee Problem an deem Projet geléist gëtt, an dat ass deen dass Parkplazen ënnerierdesch geschafe ginn. Well et ass ganz kloer, dass mer zwar an der Stad Lëtzebuerg iwwerall versiche fir keng Parkplaze méi ofzebauen, wat net onbedéngt dat allerbescht ass, mä dass et awer hei op deem Site bluttnoutwendeg ass, dass ee Parkplaze virgesäit. Woufir? Ma well Visiteure soss keng aner Parkméiglechkeet hunn an net kënnen en Accès bei hir Familljemembere kréien. Dofir ass dat heiten eppes wat mir positiv ervirsträiche wëllen, dass hei vum Stat aus alles gemaach gëtt, fir dass déi Liaison tëschent de Pensionären an hire Familljen duerch justement en Accès de facilité hei erméiglecht gëtt. Dat gesot wollt ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu deem Projet bréngen.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Domadder ass d'Diskusioun ofgeschloss. D'Madame Ministerin huet op all d'Froen geäntwert, déi opgeworf gi sinn. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5320. Den Text steet am Document parlementaire 5320^s Sait 5.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5320 ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koul-

len, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Michel Wolter), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Roland Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Wann dat de Fall ass, dann ass dat esou décidéiert.

Ech wëll d'Kolleege biede vläicht nozekucken, ob de Vote par procuration gaangen ass. Dem Här Grethen seng Interventioun vu virdrun huet genotzt, mir hunn dat nogekuckt an ech hunn d'Freed lech matzedeele, datt de Vote iwwert d'Maison de soins fir Alzheimer elo eestëmmeg ugeholl ginn ass, well mir déi Procuratioun konnten hei androen, déi virdrun net funktionéiert hunn. Voila.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass de Projet de loi 5165 iwwert d'Bekämpfung vum Blanchiment. Duerno stëmmt d'Chamber am zweete Vote constitutionnel iwwert dëse Projet of; den 19. Mee hate mer eng éischte Kéier ofgestëmmt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et si schonn ageschriwwen: déi Häre Bettel, Bodry, Braz an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

3. 5165 - Projet de loi relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme portant transposition de la directive 2001/97/CE du Conseil du 4 décembre 2001 modifiant la directive 91/308/CEE du Conseil relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux et modifiant;

1. le code pénal;

2. le code d'instruction criminelle;

3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire;

4. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

5. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

6. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances;

7. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat;

8. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

9. la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseurs d'entreprises;

10. la loi du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert comptable;

11. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives;

12. la loi générale des impôts („Abgabenordnung“) - Second vote constitutionnel

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert d'Wäisswäsche vu Suen an de Finanzement vum Terrorismus kënnt also haut fir den zweete Vote constitutionnel erëm eng Kéier hei an de Plenum.

Wéi ech fir d'éischt zu dësem Projet geschwat hat, war a sech meng Konklusioun déi, fir en Appel un de Statsrot ze maachen, datt hien et sech nach Kéier sollt mat senger Opposition formelle iwwerleeën. Leider Gottes ass mäi Wonsch net an Erfüllung gaangen an de Statsrot huet seng Opposition formelle bäibehalen.

Ech wëll haut net méi am Detail op all eenzel Dispositioun vun deem relativ komplizéierte Projet de loi agoen; dat hat ech déi éischte Kéier souwuel a mengem schréffleche wéi a mengem mündleche Rapport gemaach, sou datt ech dat haut net méi nach eng Kéier wëll widerhuelen.

Wann ech awer haut nach eng Kéier d'Wuert dozou wëllt huelen, ass dat fir nach eng Kéier op deen Amendement zrëckzekommen, deen a sech am Ursprong vun der Opposition formelle vum Statsrot läit. Virausschécke wëllt ech nach eng Kéier, datt am ursprngleche Projet a sech net nëmmen d'Direktiv sollt transposéiert ginn, mä d'Regierung eigentlech och wollt méi wäit wéi d'reng Transposition vun där Direktiv goen. Deemools hat awer de Statsrot, wéi eng Rei aner Organismen, grouss Problemer domadder an och d'Commission juridique huet sech dee Moment där Positioun ugeschloss, fir ze soen, mir wären d'accord fir d'ganz Direktiv ze transposéieren, mä net méi wéi d'Direktiv.

A wat deemools richteg war ass bien entendu haut och nach ëmmer richteg. An ech wëll drun erënneren, datt a sech den Objektiv jo vun dëser Direktiv deen ass, fir datt d'Faiten, déi op e Blanchiment oder ob e Finanzement vun Terrorismus hiweisen, sollen direkt vun deene Professionelle beim Parquet dénoncéiert ginn. Mir wollten a sech och deemools an der Commission juridique évitéieren, datt duerch eng iwwerdrifwe Réglementatioun, déi ganz besonnesch exzessiv Bestrofung virgesinn hat, sollt eng gewësse Panik am Bankesecteur bei deene betraffene Leit sech breet maachen an domadder a sech géif de Géigendeel

erreecht gi vun deem wat nämlech bezweckt war, nämlech eng effizient Zesummenaarbecht tëschent de Justizautoritéiten an deene Leit, déi am Finanzsektor schaffen.

Ëm wat geet et, nach eng Kéier, hei an deem Amendement? Et geet also ëm d'Dépénalisation vun der sou genannter Négligence, déi a sech am 93er Gesetz iwwert de Sektuer financier stroferechtlech verankert gi war. Dës Dispositioun huet an deene vergaangene Jore fir vill Welle gesuergt, haaptsächlech weinst der Interpretatioun, déi de Parquet économique dëser Dispositioun ginn huet.

Ech wëll nach eng Kéier hei an Erënnerung ruffen, datt et a sech en Ennerscheid gëtt zwëschent enger Bedeelegung un engem Akt vu Wäisswäsche vu Suen, respektiv vu Finanzement vun Terrorismus, déi natierlech par nature bewusst ass, an dem einfache Verstouss géint eng Berufssobligatioun, déi normalerweis net bewusst ass. Wichteg ass, datt een hei en Ennerscheid mécht an net de Blanchisseur oder de Financier vun engem terroristeschen Akt an een Dëppe geheit mat deemjéinegen, deen eng Onopmierksamkeit an der Ausübung vu senger Aarbecht gemaach huet.

Heimadder soll net gesot ginn, an ech wëll dat nach eng Kéier betounen, dass dës Onopmierksamkeit keng juristesche Konsequenze soll mat sech zéien, mä dës Onopmierksamkeit soll do sanktionéiert ginn, wou se higeheiert, nämlech op den administrative Plang, wéi dat och an eisen Nopeschlänner de Fall ass.

Mat där neier Dispositioun, wéi mir se iwwer Amendement an de Gesetzestext ageschriwwen hunn, schafe mir also elo eng juristesche Onsécherheet aus der Welt, déi a sech hiren Ursprong - an ech hunn et virdu gesot - am 93er Gesetz iwwert de Sektuer financier fonnt huet, an déi zu vill Onrou bei deene betraffene Leit am Bankesecteur gefouert huet. An Zukunft wäert also déi einfach Onopmierksamkeit keng stroferechtlech Suité méi mat sech zéien, mä just nach Sanktiounen um reng administrative Plang mat sech bréngen.

Ofschléissend wëll ech soen, datt an engem konkurrenzéiell ëmmer méi schwierigen Ëmfeld, wéi de Finanz- a Bankesecteur nun eemol een ass, all déi Leit, déi hei schaffen, sollen a musse streng Oplage kréien. Dës Oplagen dierfen op kee Fall hannert deene vun anere Länner hannendru goen, mä se dierfen awer och net iwwert déi Oplagen erausgoen.

Mir musse mat der leschter Konsequenz géint d'Wäisswäsche vu Suen an de Finanzement vun Terrorismus op eiser Bankeplaz virgoen, well dës Bankeplaz huet keen Interessi un esou enger Klientel. Mir sollen awer bei all dësen Efforten net vergiessen, datt déi iwwergrouss Majoritéit vun de Clienté vun dëser Bankeplaz keng Wäisswäscher an och keng Finanzéierer vun terroristeschen Aktivitéite sinn, mä dës propper Klientel, wann een et esou kann ausdrécken, riskéiert duerch een exzessive Formalismus an exzessiv Kontrollen hir Aktivitéiten op aner europäesche Bankeplazen ze verlagere.

An dësem Sënn ass den Text, dee mir an der Commission juridique zrëckbehalen haten an dee mir haut solle fir d'zweet ofstëmmen, e gudden Equilibre zwëschent op där enger Säit der Noutwendegkeet fir aktiv géint d'Wäisswäsche vu Suen a géint de Finanzement vun Terrorismus virzegoen, an op där anerer Säit den Interessi vun enger attraktiver a gutt funktionéierender Finanz- a Bankeplaz.

Ech begreissen dofir, datt an der Commission juridique contrairement zum éischte Vote elo déi leschte Kéier e grouse Konsensus war, an all d'Fraktiounen, déi an der Commission juridique vertraute waren, hunn a sech hir Zoustëmmung zu dësem Text ginn. Ech wär dann och frou, wann dësen Text de Mëtten hei géif e grouse Konsensus fannen. Ech géif dann och domadder, fir unzefänken, direkt schonn den Accord vu menger Fraktioun dozou ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Bettel ageschriwwen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi den Här Mosar et scho gesot huet, si mir haut hei fir deen Text fir d'zweet ze stëmmen, dee mir schonn eng Kéier den 19. Mee 2004 an der Chamber diskutéiert haten.

Ech si mer och konsequent, ech hunn deemools d'Bemierkung gemaach, dass ech déi Onméiglechkeet fir Recours ze maache bedauert hunn, wou de Conseil d'État eis eng Opposition formelle gemaach hat a wou mir noginn hunn, an ech hat deemools gesot, well wa mir en zweete Vote jo mussen huelen, dass ee jo da kéint och en Amendement do maachen. Ech hat et deemools gesot, ech sinn nach ëmmer där Meinung. Erlaabt mir, dass ech dann nach ëmmer soen, dass et schued ass, dass et bei deem heiten Text keng Recours-méiglechkeet gëtt, op jidde Fall fir d'Leit, well fir mech muss e Recours ëmmer do si fir all Justiciablen.

Déi grouss Diskussioun, déi jo och wor, dat war iwwert dat Wuert «sciemment». Huet ee sciemment eppes gemaach, huet ee sciemment näischt gemaach, ass ee coupabel, ass een net coupabel, wéi wäit huet ee sech mat dru bedeelegt oder net. An ech si selbstverständlech ganz frou, an ech hunn dat och schonn an der Sitzung vum 19. Mee gesot, dass de Problem haut ass, dass wann Dir als Affekot e Client empfängt oder an där Profession e Client empfängt, déi schaffe mat Tricken, an dat hunn ech och deemools gesot, do si vill Filouen, déi probéieren lech Saache virzemaachen; Dir hutt d'Méiglechkeet emol net ze kucken, ob dat alles stëmmt oder net. Si bréngen lech falsch Titré mat, si bréngen lech hei oder si bréngen lech do mat. Et ass méi wéi eng Bankeplaz hei zu Lëtzebuerg...

(Interruption)

Oh, Här Santer, ech schaffe manner am Finanzberäich wéi Är Etude. Also ech weess et net, meng Clienten hu manner mat Finanzproblemer do ze di wéi Är Clienten.

(Interruptions)

Op jidde Fall, Här President, ass et hei wichtig, dass d'Wuert «sciemment» drakomm ass, well ee wéi gesot als Professionelle selbstverständlech all Diligence muss hu fir ze kucken, dass net e Blanchiment stattfënnt, mä dass et heiandsdo onméiglech ass, en ze fannen.

Ech sinn awer méi gespaant op dat wat d'sozialistesche Aarbechterpartei elo wäert hei erzielen, well erlaabt mir just, datt ech hei eppes zitéieren. Den Här Krecké war Äre Riedner den 19. Mee 2004 an hie sot selwer, hie géif den Text net gutt fannen: „Ech hunn eng Rei vu Bedenken, ech soen lech: Et sinn eng Rei Leit, déi hu Bedenken iwwert d'Aart a Weis wéi mir hei virginn, iwwert d'Aart a Weis wéi mir eenzelne Pressiounen noginn hunn an iwwert den Zweifel, deen trotzdeem bei där gudder Aarbecht bliwwen ass, wou mir eis zum

Schluss iwwert d'Opposition formelle vum Statsrot ewech setzen.“

Dat heescht den Här Krecké war ganz kritesch. Den Här Krecké sëtzt haut net méi hei fir ze soen, ob hien elo nach ëmmer déiselwecht Meinung verteidegt oder net, mä den Här Bodry, wann ech et richtig verstan hunn, ass de Riedner vun der sozialistescher Aarbechterpartei; da wäert ech jo da kucken, ob en och déiselwecht Douten huet an déi Aart a Weis, wéi den Text elo hei gestëmmt gëtt, an ob en nach ëmmer déiselwecht kritesch Meinung vis-à-vis zum Text huet. Dat ass déi éischt Saach.

Déi zweet Saach ass, den Här Krecké hat eng ganz Rei vu Fuederunge gefrot wéi e beim Text gesot huet, se wieren zwar net all begescht, an ausser der Madame Lydie Err hu se awer alleguerten dofir gestëmmt, an d'Madame Err hat sech enthal. Kucke mir och wéi der Madame Err hir Positioun haut ass. Ech si jo frou, datt dës Majoritéit eng breet Majoritéit huet, well soss wier se scho wackeleg, wa se nëmmen een Deputéierten als Majoritéit hätt haut bei deem éischten Dag, wou mir Projete stëmmen.

An dann, Här President, wëll ech och nach drun erënneren, dass den LSAP-Vertrieder, den Här Krecké, den 19. Mee 2004 gefrot hat, dass de Bilan sollt gemaach ginn an zwee Joer a réckbléckend kucke wéi d'Auswierkunge wären, souwuel um Pénal wéi um Administratif, an der Hoffnung dass dës Gesetz no baussen dat wëllt vermëttelen an och dat vermëttelt wat mir wëllen. Ech sinn elo gespaant wat den Här Bodry seet.

Op jidde Fall, mir hunn den Text den 19. Mee 2004 gestëmmt a mir sinn eis selbstverständlech konsequent a wäerten de 27. Oktober 2004 den Text och nach eng Kéier stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert et net maache wéi den Här Bettel. Ech wäert mech net mat enger anerer Partei ofginn, mä ech wäert probéieren dat ze soen, wat meng Partei um Häerz huet, an ech géif der DP vläicht roden, och en ähnleche Wee ze goen, da steet se vläicht a 5 Joer besser do wéi se elo do steet.

M. Xavier Bettel (DP).- Also schwätzt Dir elo virum 13. Juni oder nom 13. Juni?

M. Alex Bodry (LSAP).- Meng Partei op jidde Fall wäert esou stëmme wéi se am Mee gestëmmt huet. Ech gesinn net wat do kann de Problem sinn. Mir bleiwen eiser Linn trei, mir wäerten, mat Ausnahm vun der Madame Err, déi all hir Bedenke behält an och dës Kéier wäert d'selwecht ofstëmme wéi virun e puer Méint, horge-nau d'selwecht ofstëmme wéi viru véier Méint. Ech weess net wat den Här Bettel dorunner esou opreegt, wann eng Partei hir Meinung behält, déi se scho virun e puer Méint hat. Hie brauch net vill fir sech opzereegen, muss ech feststellen.

M. Xavier Bettel (DP).- Ech gesi just de Rapport, ech gesi just de Rapport!

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, eis Partei bleift kritesch zu deem Punkt, deen eis mam Conseil d'État beschäftegt huet. De Conseil d'État ass jo och net egal wat fir eng Institutioun hei am Land an de Conseil d'État huet, wat net oft virkënn, an deem heite Fall ofgesi fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn, an do-